

Femmes Libérales Norden

INVITATIOUN

Bremen Ostfriesland

6. - 10. Juni 2010

Sonndes de 6. Juni
7.30 Auer: Départ zu Dikrech op der Gare mat Voyages Schmit an em
8.00 Auer beim Keup zu Weiswampech,
ennerwee Kaffispaus an der Bäckerei zu Marmagen, 2. Halt an enger Rasstätt
16.00 Auer anchecken am Hotel Hilton **** zu Bremen, an der Böttgergasse
Visite vun der Alstad
Nuechtiessen am Restaurant Outer Roads.

Méindes de 7. Juni
8.30 Auer Départ fir op Neuharlingersiel
11 Auer Fahrt mat engem Fëschkutter op déi ostfriesech Insel Spiekeroog, ennerwee geheien d'Fëscher hirt Netz aus, an de Käpten fiirt laanst Séihondsbänken zu Langeoog, duerno eng Wattwanderung op d' Insel Spiekeroog
18 Auer Nuechtiessen am Hafen zu Neuharlingersiel

Dënndes den 8. Juni
Moiës an Owes Fräizäit zu Bremen,
15 Auer Ausflug op Worpswede, e Künstlerduerf am Teufelsmoor, mat ville Galerien, enger Wandmillen, Kéisklack asw.

Mëttwochs den 9. Juni
9.00 Auer: Visite vun der Stad Leer, Mëttigiessen fakultativ
14.00 Auer: VIP-Visite vun der Meyerwerft zu Papenburg, eng vun deene modernsten Werften op der Welt wou grouss Luxusdampfer, Containerschëffer, Fähren a Spezial Schëffer gebaut gin.
Empfank um Museumsschëff" Brigg Friederike" mat Téi a Gebäck, an dann d'Visite vun der Werft.
Duerno zréck op Bremen a Fräizäit.

Donnesdes den 10. Juni
Nom Muergeskaffi geet et op d'Heemrees, ënnerwee Besuch vum Spargelhof zu Bilk bei Münster, d'Regioun an d'Zäit vun de Spargelen, hei kann een d'Arbecht vun de Spargelsteecher gesin an duerno mat Genoss am Festzelt e Spargelsmenu iessen. Uschléissend weider op Heem zou mat engem Halt nach ënnerwee.

Präis: 565 EUR am Duebelzëmmer, Eenzelzëmmer + 112 EUR

(abegraff ass d'Rees, 1. Dag:Kaffi zu Marmagen an Nuechtiessen mat 3-Gang Menü am Restaurant Outer Roads zu Bremen, 4 Nuechten mat Kaffi am Hotel Hilton **** zu Bremen,1. Ausflug mam Fëschkutter an d'Wattwanderung op d'Insel Spiekeroog mat Nuechtiessen, 2. Ausflug op Papenburg mat VIP-Visite vun der Meyerwerft an och op der Heemrees de Besuch um Spargelshaff zu Bilk mat Spargelmenu)

Umellde kënn Dir eech bis den 1. März beim Irène Schmitz B.P.4 L-9201 Dikrech
Fax: 80 24 46 oder E-mail: irene.schmitz@pt.lu